



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26. August 2020

Här President,


Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

D'Äntwerten op meng Froen Nr. 2624 vum 6. August 2020 respektiv Nr. 2664 vum 13. August 2020 un d'Madamm Ëmweltminister ginn zum Deel interessant Informatiounen, mee widdersprieche sech och deelweis, an zwar esouwuel eenzel gekuckt, wéi och zesumme gekuckt. Si stinn och deelweis am Widdersproch zu Aussoe vu Leit, déi dësen Dossier kennen. Duerfir wéilt ech an dësem Zesammenhank nach e puer bis elo ongeklärte Froe stellen:

1. Ass et richteg, datt, wéi mir zougedroe ginn ass, no den Iwwerpräiwungen en Deel vum Grondstéck, ob deem d'Crèche soll entstoen a fir dat e Baustopp ausgesprach ginn ass, net am Bauperimeter an also an enger Gréngzon läit?
2. Wéi ass d'Praxis am Fall vu Grondstécker, op déi esouwuel den Artikel 17 Abschnitt 2 wéi den Artikel 17 Abschnitt 3 vum Naturschutzgesetz vum 18. Juli 2018 zoutreff: Muss de Proprietär zwou Geneemegungen ufroe fir déi zwee Deeler vum Grondstéck oder geet och an dësem Fall eng Geneemegung duer?
3. Gëtt, am Fall, wou eng Geneemegung duergeet, dës no entsprechemdem Eco-Bilan just fir deen Deel vum Biotop, dat am Bauperimeter läit, accordéiert?
4. D'Naturschutzgesetz vum 18. Juli 2018 mécht ausser a véier genee beschriwwene Fäll eng Biotopzerstéierung an der Gréngzon onméiglech. Huet déi deelweis Zerstéierung vum Biotop (deen Deel, deen am Bauperimeter läit) net och Konsequenze fir deen Deel vum Biotop, deen an der Gréngzon läit? Ass e Biotop vun engem ekologesche Standpunkt net als e Ganzt ze gesinn, dat och nëmmen als solcht existéiere kann?
5. Ass et richteg, datt eng kommerziell, privat Crèche keng vun de méiglechen Derogatiounen, déi am Artikel 17 Abschnëtt 2 vum Naturschutzgesetz vum 18. Juli 2018 virgesi sinn, kann erfëllen?
6. Ass et richteg, datt an dësem Fall d'Demande fir eng Biotopzerstéierung bei der initialer Kontroll, ob déi Demande laut Ëmweltschutzgesetz zoulässeg ass, hätt misste mat Nee beäntwert ginn?
7. Ëmmer nach virausgesat, datt en Deel vum Terrain an der Gréngzon läit, wär also en Erstelle vun engem Eco-Bilan iwwerflësseg gewiescht, well d'Demande net de Konditiounen fir eng Derogatioun vum Gesetz ze kréien, entsprach huet?
8. Ass et a Fäll, wou net kloer ass, ob den Terrain ganz oder deelweis an der Gréngzon läit, üblech, en Eco-Bilan maachen ze loossen, ier déi initial Iwwerpräiwung vun der Demande Kloerheet driwwer

- ginn huet, ob de concernéierten Terrain deelweis an der Gréngzon läit, wat en Eco-Bilan jo meeschtens géing iwwerflësseg maachen?
9. Wéi laang hunn d'Verwaltunge vum Ëmweltministère scho Kenntnis vum „Problem vun der Materialiséierung vun der Grenz vun enger Bauzon“, wéi si an der Äntwert op meng Fro Nr. 2664 vum 13. August 2020 beschriwwen ass? Wéi dacks ongeféier stellt sech dee Problem bei enger Demande fir eng Biotopzerstéierung?
 10. Wéi verfiert den Ëmweltministère mat enger Geneemegung, wou e Baustopp ugeuerdent ginn ass, well d'Äntwert net ofgewart ginn ass? Ech géing dervun ausgoen, datt den Traitement vun dëser Geneemegung da logescherweis gestoppt gëtt, well si jo keen Objet méi huet?
 11. Gëtt an alle Fäll, wou ouni op d'Geneemegung ze waarde mat den Aarbechten ugefaange ginn ass a wou e Baustopp geschwat ginn ass, probéiert, d'Situatioun nodréiglech ze regulariséieren?
 12. Ass juristesch de Konzept vun enger nodréilecher Regulariséierung vun enger Infraktioun akzeptabel?
 13. Géing dat bei enger Infraktioun, wat eng Biotopzerstéierung am Bauperimeter ugeet, bedeiten, datt d'Bezuele vun der Kompensatioun, déi den Eco-Bilan festleet, eng Regulariséierung wär an datt d'Infraktioun keng weider Strofe géing no sech zéien?
 14. En Agent vun der ANF huet, wéi et seng Flicht ass, de Parquet vun der Infraktioun, déi e Baustopp no sech gezunn huet, informéiert. Ass net de Fait, datt de Parquet ageschalt ass, Grond genuch, fir den Ëmweltministère, de concernéierten Dossier onverännert ze loossen, fir net den Oflaf vun enger eventueller Enquête ze behënneren?
 15. D'Ëmweltschutzgesetz vum 18. Juli 2018 gesäit schwéier Strofen am Fall vun Infraktiounen fir. Wéi geet de Parquet fir gewéinlech an esou Fäll vir?
 16. An hirer Äntwert op meng Fro Nr.2624 vum 6. August 2020 beschëllegt d'Madamm Ëmweltminister op zwou Plazen eng Journalistin vum Luxemburger Wort a seet: „Déi Aussoen aus dem Artikel aus dem Luxemburger Wort si net akkurat“ a weider „d'Duerstellung vun dësem Dossier am Luxemburger Wort ... déi net der Realitéit entsprach huet“. Si bezitt sech dobäi op d'Aussoe vun der Journalistin, datt den Terrain (zum Deel) an der Gréngzon géing leien, raumt awer selwer an, datt „nach wichteg Informatiounen iwwer de Verlaf vun der Limite vum Bauperimeter feelen“ a si also dës Beschëllegungen net beweise kann. Wéi begrënnt d'Madamm Minister also hir Kommentaren un engem Artikel den, a mengen An, korrekt recherchéiert ass?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten